

# SKANDAL AM

## WEEK-END HEISCHEN

e löschtegt Steck an 2 Akten

vum Jeanne STEICHEN

Persounen: 1. en Dokter (e stännege Mann)  
2. seng Fra  
3. en Dengschtmeedchen  
4. eng Nopesch (eng Giédelchen)  
5. de Neveu vum Dokter (en ulkege Student)  
6. eng Friendin vun der Madame  
7. eng al Kräiderfra

Décors: eng Stuff, en Dösch, Still, Fotellen mat Rëcker  
eng Komoud oder e SchreiwDösch mat  
méiglechst vill Tiräng

### I. AKT

Meedchen: (raunt den Dösch of) Ech muss nach lachen, wann ech drun denken..  
eisen Här Dokter.. hahaha.. E Professor ass net méi zerstreet wéi den  
Här Dokter. Huet e sech extra e Weekend-häischen ugeschafft fir roueg  
ze sin, soutz e jo net de leschte Samschteg, nom Iessen hei an der Fotell  
en Tömpchen ze halen, hei sprengt en op émol géint 2 Auer op,  
an huet wéi onglecklech no sengem weisse Schirtech gesicht an e wollt  
ufänken Konsultatiounen ze halen.. (an engems geet ét aus)

Dokter : (kennt vun där anerer Seit eran) Wou konnt ech mer net schon éischer  
e Weekend-häischen uschaffen. E richtege Genoss ... Ech komme mech es bal  
selwer net zou dass ech endlech ént hun. Ech mengen ech konnt net méi  
dersonnert liewen. Et ass én mol en anere Mensch wann é mol fir 2 Dég  
aus dem Déglechen raus ass. Déi Rou deen én hei huet .. déi wonnerbar  
Rou... Ech geng all menge Kollegen roden, sech e Weekend-häischen unze-  
schafen.. en Ideal fir d'Gesondhét. Sou ganz eleng am Bösch.. an der  
fröschter Landloft.. perdu mat de Bém a mat de Vullen.. an e puer Dég  
aus de Leit an aus all Opréngung eraus...  
(hie setzt sech an d'Fotell, helt d'Zeitung, liest ganz e böschen,  
dann entschléift en)

Meedchen: (kennt iwerdeems eran an raumt den Rescht vum Dösch of) Elo höllt en sech md gemittlech eisen Dokter. An der Woch huet en awer och guer keng Rou. Am Jumm ass e vu muerges bis owes. All Minutt rabbelt den Telephon an et schellt én un der Dir. Hei hu mir kén Telephon, keng Schäll un der Dir. D'Dir ass iwerhapt de ganzen Dag net gespart. Wié soll sech och hir an dé verlossenen Eck verlagen .. (of)

Giédelchen: (kennt eran a kuckt ronderem) Moien, ass kén hei?

Dokter : (sprengt erféiert op, kuckt op seng Auer a seet fir sech)  
Mei Gott, schon e véierel op zwou .. Meng Assistentin hätt mech over och solle prevenéiren .. aplatz mer Leit einfach eran ze schecken (ganz frendlech zur Giédel) Wou feelt et dann, Madame?

Giédelchen: Ma Herr Dokter,.. ech hun ...

Dokter : (ennerbrecht se) E Moment Madame, mir fannen et ..

Giédel : Ech sin ...

Dokter : Nömmen keng Oprégung, nömmen net .. (hié fillt de Bols) Äre Bols gét gudd, Madame, e bössche séier, ma soss ganz regelmässeg.

Giédel : Ma Här Dokter, ech wöllt nömmen ...

Dokter : Et wärt schon net esou schlömm sin, är Zong...

Giédel : Wat soot der ?

Dokter : Streckt emol är Zong eraus.

Giédel : Iech d'Zong eraussträcken, Dokter ... hahaha.. Ma Här Dokter dat kann ech dach net machen.. hahaha ..

Dokter : (fir sech) Höschtwahrscheinlech hysterisch..

Giédel : Wat ass historisch?

Dokter : (fir sech) Si héiert och net gudd (zur Giédel) Jéjé, Madämchen, ech mengen ech muss iech ganz ennersichen. Kommt, ditt emol äre Mantel aus (iwerdeem wou hien hir helleft de Mantel ausdin, kennt seng Fra eran)

Madame : (ganz béiss) Ma Guy.. bass de da ganz durchernén. Mir sin dach hei an onsem Weekend-Häischen. Gét dén Efalt den éischte Besuch dé mir kréien, direkt ennersichen.

Giédel : An ech sin emol guer net krank.

Dokter : Ma firwat sit dir dann heihikomm?

Madame : Setzt iech emol, Madame, dir sitt secher hei aus dem Duerf?

Giédel : Nén, des Woch ass ké gestuerw.

Madame : (ganz deitlech) Sitt dir hei aus dem Duerf?

Giédel : Jo, jo, ech sin "r éischt Nopesch.. dohönnen just dat lescht Haus wann der hei eropkommt. Ech wollt nömmen froen kommen wat ech sollt mat eistem Jang machen. Kuckt, en aner kennt net méi bausst d'Duerf an du hun ech geduecht.. dat wär jo navell fein, wann én den Dokter Samschtes sou no bei d'Dir kritt ..

Madame : Dat wor och nach en Handel fir e Weekend-häischen heihin ze setzen.  
Ech mengen mir wären geschwenn erem méi roueg an der Stadt.

Giédél : Né Madame, eise Jang dé schafft net an der Stadt. Dat ass mei Jong dén  
an der Stadt schafft .. Hien ass an der Do..do..dä.. ech komme guer net  
méi drop.. an der Do... verwaltung.

Dokter : Secher an der Domäneverwaltung?

Giédél : Richteg, an der Dämoneverwaltung.

Dokter : An de Jang ass dat äre Mann?

Giédél : (bedenkt sech) O.. wat huet en ze man? E botzt, an e mecht d'Dir op an zou..

Dokter : (méi hart) Nén, ech hu gefrot, op de Jang äre Mann ass?

Giédél : Ah jo, mei Mann héscht Jang.

Dokter : (deitlech) Ass äre Jang da krank?

Giédél : Majo, hién huet schon zenter 10 Joer eng Artillerieverkalkung.

Madame : (lacht) Eng Artillerieverkalkung .. eng Arterieverkalkung wöllt der soen

Giédél : Jo.. jo .. Eng Artirellerverkalkung.. Mé des Kéier ass net dovun wou e  
kloot .. en huet zenter e puer Dég de Mo net an der Reih, e verdaut neischt.

Dokter : Da gitt em Doppelkohlensaures Natron

Giédél : Wéi, wat, doppelschlenkauendes Natron .. Solle mir him esou eppes gin?  
Wat ass dat dann?

Dokter : Dat ass dat bescht Mettel fir Verdauung ze machen .

Giédél : Ech hun em alt schon Rinozerosuelech gin, mé et helleft alles neischt.

Madame : Rinozerosuelech .. a wat ass dann?

Dokter : Si mengt Rizinusuelech.

Madame : Ech muss eraus, ech muss hir geschwenn an d'Gesicht lachen.

Giédél : Né Madame, et ass neiccht ze machen an duefir wollt ech den Här Dokter  
emol froe kommen.

Dokter : Soll ech da mol bis dorower kommen?

Madame : (iergerlech) Ma Guy, dat do huet och lo nach gefeelt.

Giédél : (ganz iwerzégt) Dir hutt recht Madame, hié kritt e gehélt.

Dokter : Da kommen ech herno bis dohin.

Giédél : Wat sot der, Dokter?

Dokter : Ech ging bis herno dohikommen, et ass jo keng Affaire.

Giédél : Wéi ... kommt dir mam Vétérinaire?

Dokter : Nén, ech soen, ech komme kucken, et ass jo keng Affaire.

- Giédel : Aha, dir kommt gär.. Ma da sin ech frouh.. da loss meh hurteg dem Jang et soe goen.  
(si dréint sech ower nach em, bleiwt stoen a lauschtert well si mengt d'Madame déi mam Dokter schwetzt geng mat hir schwetzen)
- Madame : (ganz béis) Du bass awer gudd geroden. Da wölls de hir raschte kommen, an du luets der direkt rem Leit op de Pälz. Du häss einfach solle soen, du gengs hei net praktizéiren.
- Giédel : Jo, jo, Madame, ech soen den Dokter kéim en fesetéiren (of)
- Madame : (iergerlech) Stung déi lo nach hei? Ech hätt et jiddenfalls net ugefang fir bei d'Leit ze goen.. Si kommen geschwönn vun alle Seiten.
- Dokter : Mei Gott, du kanns engem dach net ofschloen. Du wéss net wous du die Leit nach émol brauchts.
- Madame : Jéjé, deng Rou ass awer mat dem Gescheck fort.  
(Si geet bis bei d'Fenster) A wién ass dann dat do?
- Dokter : (och bei d'Fenster) Wou?
- Madame : Ma do .. et huet eb grad nach én sei Velo dohi gesat, an e fänkt un Valissen erof ze machen.  
(Iwerdém wou se nach kucken, rifft é vu baussen) Moien, Tata, Moien Monni
- Madame : (erféiert) T'ass de Lucien, a wat soll dén da wölles hun (si kücken nach allenzwé zur Fenster eraus)
- Lucien : (kennt ganz elastisch zur Dir eran, e Berét schief um Kapp setzen, zwou grousser Valissen an den Hänn) Bonjour.. wéi hu mer et. Wonnerbar, einfach wonnerbar hut dir et hei.. Méi eng schéin Lag hätt dir net könne fannen fir ärt Weekend-häischen.. fantastisch, einfach onbeschreiblich.. keng besser Platz könnt ech fannen fir ongestéiert ze léieren..
- Madame : (ganz verwonnert) Hues du wölles hier léieren ze kommen?
- Lucien : Jo, ech hun en Examen an e puer Wochen.. Wart ech gin nach gleich meng Velostäsch eidel machen.
- Dokter : (zu senger Fra) Wat.. hun ech gudd verstan? Wöllt hien hir léiere kommen?
- Madame : Ma sou huet en dach gesot. Et ass einfach onverschimmt... ma sou wéi hien ass wär et senger manster eng.
- Dokter : Dat könne mir ower bal net ufänken.
- Madame : A kengem Fall, mir mussen kucken dass mir senger erem lass gin.  
Mir misste soen, mir hätte keng Platz..
- Dokter : Könnte mir net soen, mir kréiche Besuch.
- Madame : Dat wier vielleicht net schlecht.
- Lucien : (kennt eran mat engem Arm voll Bicher an Hefter an hié leet se op den Dösch)
- Dokter : Ma t'mengt én du häss wölles dech hei nidderzelossen.
- Lucien : (léisst sech net aschüchtern) Majo secher, Monni... ech war lang am Rot wuer ech sollt goen ... du sot mei Papp, ma géi am Monni sei Weekend-häischen. Ech telefonéiren em dass de könns.

- Dokter : En huet mir ké Wuert gesot.
- Madame : Mir och net.
- Lucien : Macht iech neischt draus, dann huet en et vergiëss.. et ass eben e Professor.
- Madame : T'ass net dat, Lucien, Dann hätte mir ons könne richten. Lo hu mer fir den Owend Frönn invitéiert. Mir hu guer keng Platz.
- Lucien : Dat ass t'Mannst. Eng Nuecht schlofen ech schon op der Chaiselongue.
- Dokter : Mir hu keng Chaiselongue.
- Lucien : Eng Fotell an e Stull virdrun, dat geet och.
- Madame : Né Lucien, verstännech geschwat.. du bleiws dach secher net Hei?
- Lucien : (léisst sech net kleng kréien) Ma dach, Tata, ech versuergen iech d'Weekend-häischen. Dir sitt jo dach an der Woch net dran.
- Madame : Mé du hues dach kén, dén dir kacht.
- Lucien : Neischt méi einfach wéi dat. Ech hun eng hallef Valise voll Konserven. ech hätt am beschten direkt auszepacken. (hie päckt aus Konserveböchsen, Zosissen, Brout, asw...)
- Dokter : (iwerdém dass de Lucien auspeckt) a wat solle mir nömme machen?
- Madame : Ech wéss et net.
- Lucien : Regt iech dach nömmen net op wéinst menger .. ech brauch jo fir eng Nuecht ké Bett.
- Madame : Ma ons Frenn wölle méi lang bleiwen.
- Lucien : Ma da gitt dir zwé jo fort, dann ass ärt Bett eidel.
- Dokter : (zu senger Fra) Häss du dann net och des Woch solle bleiwen.
- Madame : Ma dach, ech hat och scho geduecht.
- Lucien : Da get d'Sach méi domm. Wié könnt dann eigentlech?  
(Madame kuckt den Dokter, hie kuckt sie. Sie machen allenzwé lang Gesichter. Den Dokter zitt d'Schölleren. Schliesslich seet d'Madame)
- Madame : Ma,ma, elo ... eng Fröndin.. an hire Mann.
- Lucien : (frédlech) A wann et weider net ass, dann ass dé Fall jo geléisst.
- Madame : (erféiert) Wéi mengs de dat, Lucien?
- Lucien : Ma da geet d'Tata mat hirer Fröndin an d'Bett an ech gin mat hirem Mann.
- Madame : Dat get neischt Lucien, déi Leit hu gären hir Rou.
- Lucien : Dat stéiert mech net .. an ech lossen si och roueg. Wann ech schlofen, héieren a gesin ech neischt méi.  
( an engems päckt en aus: no de Konserven kommen nach Bicher an Hefter aus dér anerer Valise) Wuer soll ech mei Gezei léien? Ech mengen ech lossen dat emol an der Valise.
- Madame : Hues de tatsächlech wölles ze bleiwen?
- Lucien : Op alle Fall, Tata. Wann ech mer schon misst e Bett hir op de Buedem opschloen. Ech si gewinnt ze kampéieren.
- Dokter : Mir hun ower ké Feldbett.
- Lucien : Neischt méi einfach wéi dat. Dén éischtbeschte Bauer get mer Stréi, da machen ech mer e Stréisack.
- Madame : Dat ganzt Duerf geng jo lachen, mir missten ons jo schummen.
- Dokter : (dén zur Fenster auskuckt) Hei, well fänkt et un ze rénen. Ech menge mir kréien nach e Wieder. Do könnt é séier mat engem Rad heiropper gedreckt.

- Madame : Dat ass d'Félicie.
- Lucien : Deng Fröndin, Tata?
- Madame : Jo..
- Félicie : (könnt eran) Bonjour alleguer.. Gott sei Dank, dass ech ennerdach sin.  
Dat get e gudde Schluet.
- Dokter a seng Fra : Bonjour, bonjour.
- Lucien : A wou huet dir dann äre Mann geloss?
- Félicie : (verwonnert) Mei Mann?
- Lucien : Ma dén hat dach sollte matkommen.
- Félicie : Wuer?
- Lucien : Ma hier, dir wollt iech dach erhuele kommen.
- Félicie : Wién, ech verstin net wat dir mengt.
- Lucien : Ma dir an äre Mann.
- Félicie : Ma ech sin dach net bestuet.
- Lucien : (fir sech) Dann hun si mir eng opgehang.. Ower deen hei fährt net esou séier...
- Dokter : Ech gin elo nach séier nom Jang kucken.. ir et nach reent (hie gét aus)  
(de Lucien setzt sech an d'Fotell, hellt d'Zeitung a liest a mecht grad wéi wann hien dohém wär)
- Félicie : Wién ass hién eigentlech?
- Madame : Onsen Neveu, de Lucien, mengem Mann sengem Brudder sei Jong.  
So wéi könnst du eigentlech heihin?
- Félicie : Ma ech hun eng Radtour gemach. Ech wollt iech en passant bonjour soe  
kommen. Fir den Owend hat ech wölles erem dohém ze sin.. Ma..ma..  
bei dém Wieder do.. kann ech jo bal net fort.
- Madame : Da musse mir awer geschwenn Stréi siche goen.
- Félicie : (verwonnert) Stréi? .. Firwat dan, Christiane?
- Madame : Ma fir e Stréisack ze machen fir drop ze schlofen.
- Félicie : (ganz beduecht) Ma du wäs dach net wölles hun mech op e Stréisack  
ze léen
- Madame : Ma mir hun nömmen é Friemebett.
- Félicie : Da kommen ech dach secher duerdran .. de Lucien kann jo dann um Buedem  
schlôfen
- Lucien : Ma Tatta .. lo huet jo deng Fröndin hir Mann net matbruecht.. da géi  
du mat hir schlofen, an ech gi mam Monni.. Du bass ower och guer net  
praktesch..
- Félicie : Dat ass richtig, dann ass jo dé Fall geléist.
- Madame : (ganz béiss zum Félicie) Höllef du em nach... et ass jo nömmen fir  
senger lass ze gin.. Komm, loss mer an d'Kiche goen, ech machen  
der eng Tass Kaffi ..  
(si gin allenzwéi aus. De Lucien mecht d'Zeitung ganz brét ausernén  
sou dass e guer net méi derhanner erausgeseit. E get och guer net  
uecht wat d'Médchen mecht, dat gleich drop erakennt)
- Médchen : (schenkt de Lucien guer net anuecht ze huelen) An eh soll hei en  
Dösch decken fir de Kaffi .. Wat huet den Dokter eem e Koup Bicher  
matbruecht.. A wat ass dat do?... Wat d'Madame ower akafe geet, helt  
se gleich alles am Groussen... Souvill Konserveböchsen.. Soll se wölles  
hun Besuch ze empfänken?... Da wéss ech gär wéivill Mann se geruff  
hätt, fir dat do ze verdillegen. Mir hun nach e ganze Koup an der  
Spönnche stoen. Ech könnt roueg e puer Böchse mathém huelen, sie héil  
et mol guer net anuecht ...

(Hat pächt an engems d'Konservebödsen a sei Schirtech, gét aus dermat, könnt gleich drop erem eran)  
Ech wéiss nömme gär wat den Dokter mat all déne Bicher geng machen. Hie liést nach keng Zeil dran, wann en hei am Weekend-häischen ass. Wuer soll ech nömmen alles hindin? .. Je hopp, lo gin s'an d'Fotell gekracht...

(Hat höllt e puer Bicher mattenén a werft se ouni datt et ömkuckt an d'Fotell wou de Lucien sötzt)

Lucien : (sprengt mat engem Satz op) Ho.. la.. wat heescht dann dat do?

Medchen : (deet e Kreesch) O merja genoden.. ech... ech... entschellegt... jongen Här... ech ...

Lucien : Ech ... ech... firwat bombardéiert dir mech mat menge Bicher?

Medchen : Er Bicher ... sin dat er Bicher alleguer?

Lucien : Majo secher, dat sin se nach lang net all.

Medchen : Mei Gott, stiecht dir iech dann domatt de Kapp voll? Dir sitt ower ze bedauern. Wuer soll ech dé Krom nömme geheien?

Lucien : Ma losst se nömme roueg leien.

(Iwerdém héiert é vu baussen) Lucien ... Lucien, komm huerteg eraus (de Lucien léft séier eraus)

Medchen : T'mengt én t'wier eppes geschitt, d'Madame ass ganz an Oprégung. (hat gét bei d'Fönster) Richtig, do brengen se eng Fra eran. Déi al Kreiderfra mengen ech, t'ass op all Fall eng gelungen. (si kommen eran a féieren zu drei eng al Fra eran a setzen s'an d'Fotell)

Kreiderfra : (jéimert) Omei.. omei... omei.. mei Kreiz.. mei Kapp... mein Arm utsch... utsch... meng Bén .. u.uuuuulalala... mei Reck..

Medchen : Wat ass dann eigentlech geschitt?

Madame : Si gouf un engem Auto ugestouss. Vun der Kichefenster aus hun ech et gesin.

Félicie : Wär dei Mann dach nömmen hei.. t'wéss én net op se eppes gebach huet.

Lucien : T'wärt schon net sou schlömm sin, wann s'eppes gebrach hätt, da geng se nach méi jéimeen.

Madame : (zur Kreiderfra) Wöll der eppes ze drönken?

Kreiderfra : Jo, eng Mirabellendröpp..

Madame : Dér hun ech keng hei... E Quetsch, wär dat dann net gudd?

Kreiderfra: Och jo, ower eng gudd stark, dass ech erem zou mer kommen.

(d'Madame geet aus a könnt gleich drop mat enger Fläsch eran a schött der Fra eng Dröpp eraus. Déi mecht se an engem coup eidel)

Nach eng, dass ech erem zu Kräfte kommen.

Madame : Wéi fillt der iech dann ?

Kreiderfra : Prima, eng Dröpp wierkt Wonner.. Et war eigentlech nömmen de Schreck dé mer an d'Glidder gefuer ass.

Madame : Da rascht nach e böschen ir der erem gitt.

Félicie : Wat macht der eigentlech dé ganzen Dag?

Kreiderfra : Ech gin Kreider sammeln fir Téi.. All Zorten Téi gin ech vun Haus zu Haus verkafen...

Madame : Verdengt der dobei genug fir ze liewen?

Kreiderfra: O jömmen nén.. da wär ech scho lang erhengert. Ech schloen d'Kard, an dobei könnt Geld eran.

- All matenén: Kart?... Könnt dir d'Kard schloen?
- Félicie : Da schlot ons se och emol.
- Lucien : Ech gléwen net un déi Spichten. Et ass elauter Schwindel.
- Kreiderfra : (ganz wichteg) Schwindel...? Et ass guer ké Schwindel, jonge Mönsh. Soll ech iech se schloen?
- Lucien : Beileiwe nén, mengt dir ech géif dat besche Geld wat ech vu mengem Papp kréien, och nach ewech gin, fir d'Kard geschlo ze kréien...?
- Kreiderfra : Ech froen iech ké Sou. Ech shloen iech se alleguer gratis, well dir mech esou gudd opgeholl hutt.
- Madame : Solle mir ons se schloe lossen?
- Félicie : Fir Spass könnt én et jo mol probéieren.
- Madame : (zurKreiderfra) Da schlot mir se
- Kreiderfra : Dajé, loss mer ufänken..
- (si huelen d'Bicher vum Dösch a setzen sech rondem den Dösch, D'Kreiderfra höllt d'Kartespill aus hirer Täscher a bönd sech e schwartzt Duch iwert d'An)
- Lucien : Wéi gruscherlech !..
- Medchen : Firwat m cht der dat?
- Kreiderfra : Dat machen ech absichtlech, dass der mat égnen An gesitt, dass ech net schwindelen.. Leet är Hänn allegur op den Dösch (si höllt eng Hand no der anerer an dann höllt se der Madame hir nach eng Kéier, ganz geheimnisvoll) Déi Hand, déi ech eolo a menger Hand halen, dat ass déi Hand vun der Persoun déi gefrot huet fir d'Hand geschlo ze kréien.
- Madame : (erféiert) Net méiglech. A wou kann se dat da wössen, datt se meng Hand huet ...
- Lucien : (verächtlech) Si huet dach gesin, wuer mer ons gesat hun.
- Kreiderfra : Dat ass net wouer. Fir iech awer ze vergewösseren, huet iech direkt aner Platzten.
- (si stin op, huelen sech aner Platzten, d'Kreiderfra höllt erem eng Hand no der anerer, a könnt erem zreck bei der Madame hir)
- Félicie : T'ass ower eppes derbei.
- Kreiderfra : Ma gewöss ass eppes derbei. Nun huet iech all eng Kart. Sou, kuckt gudd a verhalt wat drop ass. Losst eng Persoun ze stöcken a leet déi véier Karten an d'Mött op den Dösch. Sou, lo... soen ech... iech... wou di Kart ass déi d'Madame gezun huet. Hei ass se, et ass eng Kreizer siwen.
- All matenén: Wéi ass esou eppes méiglech...?
- Lucien : En Trick wéi bei alles.
- Medchen : Soll s'éieren durch d'Duch gesin?
- Kreiderfra : Ströckt mer nach ént dröm, wann der mengt ech geséich derdurch.
- (d'Medden ströckt hir nach en Duch öm, wat et fir t'éischt nach selwer probéiert.)
- Kreiderfra : Lo zéien ech eng aus dem Koup. Hei steckt é vun iech d'Kard.. Sou, et ass eng Kreizer drei.
- (d'Zuschauer brauchen d'Karten net æ gesin, sou datt et egal ass, wellech Kart ass gezun get. Ass et ower vun de Spiller selwer erwünscht, da müssen se se duerch irgend eppes kennzéichnen)

- All matenén: Et get emmer méi schéin. Wou könnt dir da wössen, datt et eng Kreizer drei ass...?
- Kreiderfra : (geheimnisvoll) D'Schicksal spillt mat...
- Madame : Wat wöllen di zwou Karten dann elo soen?
- Kreiderfra : Eppes bestömmtes nach net.. (ganz bedächt~~ig~~) Ower eppes ass scho fest.. Kreiz an Härzeleed kennt iwer dest Haus.
- Madame : (erféiert) Et wärt dach mengem Mann neischt geschitt sin. E könnt eigentlech scho lang erem sin.
- Kreiderfra : Virun ... mir müssen elo gesin op dir selwer dat Léd iwert ärt Haus bringt.. oder op et duerch en aner geschitt.. Hei zitt iech eng Kart
- Madame : Ech... ech... ech sin bal net esou keng...
- Félicie : Je Christiane, et ass jo nömme Spass.
- Lucien : Wat muss se dann zéien, dass der dat gesitt?
- Kreiderfra : Wann se sengerliewen e Kreizer Ass zitt, da bringt se selwer d'Ongleck an d'Haus.
- Medchen : Da kommt mir huelen dén einfach eraus.
- Kreiderfra : Net schwindelen.. Hei muss alles richtig goen.. Hei et kann é vun iech d'Kart stöcken, dass der nömmen net mengt ech géif en op eng bestömmte Platz tässelen.  
(si stöcken d'Kart, d'Madame zitt an deet e Kreesch)
- Madame : Himmel an du Welt.. Et kann dach net sin.. E Kreizer... Ass...
- Kreiderfra : An elo, soen ech iech wéi et geet, dass dir Ongleck iwert des Haus bringt.  
(si deet d'Schnappech of, schléit d'Kart op den Dösch sou wéi wann se geng eng Réussite machen. Déi 4 kucken ganz ergraff no)
- Kreiderfra : (iwerdeem dass se nach tässelt, dét se e Krésch) O mei, schrecklech Madame.. an dir sitt jo och nach blond.. Da bestét kén Zweifel..  
(wann déi betreffend Spillerin net blond ass, nennt d'Kreiderfra eben hir Farw)
- Madame : (entsat) Wou besteet keen Zweifel?
- Kreiderfra : Madame, ech kann et bal net soen...
- Félicie : Ass et dann esou schro, lo musst der och alles soen, lo si mer amgang.
- Kreiderfra : (bedächt~~ig~~) Nach ir et Hallefnuecht ass, geschitt an desem Haus e Mord.
- All mattenén : E Mord ... et wärt dach net sin...
- Madame : (ganz ausser sech) Wéi kann dann esou eppes geschéien?...
- Kreiderfra : An dir selwer.. Madame.. dir macht én aus dém Haus hei dout, géint dén dir eppes hut..
- Madame : Ma ech hun dach géint kén eppes.. Mei Gott... ech wärt dach net ech... ech... ech... et get mer esou drolech ... esou schwindlech.. ech... et get mer schlecht...
- Félicie : (sprengt op) UmGotteswöllen, Christiane... du wärs ons dach net schwach falen..
- Medchen : Hurteg eraus an d'frösch Loft...  
(an engems ass se d'Madame erausféieren, kennt den Dokter eran)
- Dokterq : A wat ass hei lass.. (hie get béiss) Esou e Efalt.. Ma dir wärt iech d'Kart dach net schloe geloss hun.. Huet én awer schon esou Dommheete gesin... Fort hei, an elo séier (hié geheit dat ganzt Kartespill vum Dösch, dass d'Karten an all Eck fléien.. dann hölt en d'Kreiderfra mam Schlawittchen) Eraus elei.. soen ech.. an elo séier...

- Kreiderfra: (jéimert) Och du mein.. och du mein.. Déi deier Kart.. et ass mei Verméigen.. wann ech déi net méi hun, da sin ech verluer...  
(iwerdeem könnt d'Medchen eragelaf)
- Medchen : Dokter, hurteg, hurteg, d'Madame ass schwach gefall  
(hé léift séier aus, d'Kreiderfra réft hir Karten zesummen)
- Kreiderfra: (lacht verächtlech) Hihhi... an da soen se nach virdrun et wär Schwindel.. Si soen et keng zwéte Kéier.. Losst emol gewärden, wat dat eppes get.
- Lucien : (könnt eran an ass ganz opgeregt) Dat do get geféierlech.. Ech, ech hun zwar nie un esou eppes gegläwt.. ma déi Kéier ass et eng domm Affaire.. Wann é soll dout gemacht gin.. ech mengen, ech hätt am beschten mech ewech ze machen.. lo ass et nach Zäit. Loss mer hurteg zesumme paken.. Wou sin da meng Konserven. Wén huet déi dann ewechgeholl? Je hopp... et ass elo net fir lang ze zöcken. Mei Liewen ass mer méi léif.. wéi di Konserveböhsen.. Hurteg meng Bicher.. an da fort...  
(de Lucien fängt un anzepaken. Iwerdém kennt den Dokter eran a geseit fir d'éischt d'Kreiderfra déi um Buedem krécht fir hir Karten zesummen ze rafen)
- Dokter : Waat... Sidd dir nach hei? Vif eraus elei.. Engem esou eng Oprengung an d'Haus ze brengen.. Sech z'ennerstoen ze soen, meng Fra geng nach virun Hallefnuecht én dout machen.. Fort soen ech, lo get et Zäit.. (d'Kreiderfra léift séier zur Dir eraus)  
An du Lucien, da wat mechs du? Päckes du an? Wölls du ire fort-lafen? .. Du wärs dach net un esou en Efalt gläwen...
- Lucien : (selbstbewusst) Ech?... hei bleiwen... nén Monni.. Wou denks du hin.. Et ass dach elauter Schwindel..
- Dokter : Firwat wölls du dann apaken?
- Lucien : (e besche méi onsecher) Ech.. ech... hu meng Bicher zesummegesicht ech wollt...
- Dokter : undrecken.. ass et net esou... Soss häss de dach deng Bicher net agepakt?..
- Lucien : Ech... Dir hutt dach gesot dir... hätt keng Platz.. du hun ech geduecht... ech ...
- Dokter : Nix da, Männchen, du wolls elo éinescht net fort, du bleiws och elo hei.. Wa meng Fra geséich dass du gengs fortgoen, geng se direkt mengen et wär wölls du gengs färten, si geng én dout machen.. Si ass schrecklech opgeregt.. Op émol kritt si nach en Nervechoc.. Dat énzegt Möttel dat ze verhidden, ass, dass mir iwer all dén Efalt lachen, an hir matt kengem Blöck, mat kengem Gest weisen, dass mir un esou eppes gläwen.. Du gläws jo secher och net drun?
- Lucien : (wichtig) Ech hale wuel jo ... Monni.

(Iwerdeem fällt de Vorhang)

2. AKT

Décors: Dis lwecht Stuff, hallef belicht. An enger Fotell setzt den Dokter.

- Dokter : (kuckt op seng Auer) Nach zwanzesch Minuten bis Hallefnuecht.. Virun Hallefnuecht soll et also geschéien.. Wat e Schwindel.. Awer d'Leit, déi falen direkt op esou eppes eran. Dat alt Döppen vu Karteschléiesch huet d'ganz Géigend scho voll gemach.. Ech könnt mech zu Dout iergeren.. Et get e richtege Skandal.. Elo éinescht stung eng ganz Partie Leit aus dem Duerf do ennen... si hun hei erop gekuckt wéi wann der Deiwel am Haus wär. Ech wetten et gét haut kén virun Hallefnuecht schlofen, fir nömmen nët ze verpassen wann eppes hei geschitt. A wat soll geschéien.. nie hun ech esou en Efalt gegléwt (hie sprengt op a gét op an of) awer di aner, onst Medchen, de Lucien a menger Fra hir Frendin, si machen é mat verreckt.. Si wollten allendrei undrecken. Mé dat wier grad de Kotteng gewiescht fir menger Fra hir Nerven.. Si ass schon dreimol zesummegang. Lo hun ech ower mol esou weit bruecht, dass di zwé bei hir op der Kummer bleiwen. De Lucien dé stét bei der Kummerdir op Wuecht wann se ire gengen Hellef ruffen.. (mecht eng abweisend Bewegung) Mé wat riéden ech hei Dommhéten.. Ech gläwen dach guer net drun. Lächerlech... Et ass jo ganz ausgeschloss, dass se én dout könnt machen. D'Messeren aus dem ganzen Haus huet d'Medchen zesummegesicht an agespart.. an alles op d'Seit geraumt wat geféierlech ass... Wann se senger Liewen én wöllt dout machen, da misst se sech klug uléen... Mei Revolver, dé leit hei am Tirang, un dié könnt se net (erféiert) Ma lauschter.. Hat ech déi net geschter a mein Nuetsdösch geluecht ... (emmer méi opgeregt) Da wär d'Ongleck do.. Si breicht en nömmen ze huelen, e Rass d'Trap eran.. d'Dir hei op, a scho wär ech eng Leich.. dat héscht, wann et fir mech gemengt wär (e besche méi roueg) Ech froe mech och, wat se géint mech sollt hun, ech wéss et jiddenfalls net (erem méi opgerégt) ower égal, wann se s'engerliewen en aner geng erschéissen... wat e Skandal géiw jo dat.... Ni méi kennt ech mech hei weisen... Mei Gott, et wärt dach net sin. (hie mecht en Tirang op) Wä..t ..hei lug en dach emmer... Himmel an eng Welt... mei Revolver.... (hie get emmer méi opgeregt...mecht én Tirang nom aneren op, geheit alles eraus, Bicher, Hefter, Blieder, wât méi, wât et besser mecht, a geheit et einfach rondrem sech op de Buedem. Iwerdém sét en):
- Mir si verluer...rettungslos verluer.... A wéi kréien ech éen aus dem Nuetsdesch ouni dass s'et geseit... Ech sin net esou keng op ze goen.. Mâchen ech d'Dîr vun der Schlofkummer op... a si geseit mech... da schéisst se direkt op mech.... A wat soll ech nemme machen... (mutlos) et ass eriwer... mir si verluer ... (An dém Moment gét Dîr op, an den Dokter é Rass ennert den Dösch...)
- Lucien : (kennt eran a bleiwt é Moment an der Dir stoen) A wât...ass hei.... (den Dokter kennt enner dem Dösch eraus) Ma Monni.... wât mechs du dann hei... du wärs dah net färten....
- Dokter : (wichtig) Ech...Um Gotteswöllen, Lucien,... ech a färten....t'war mer e Blat enner den Dösch gefall..
- Lucien : Firwât hues de dann all dât Gepapeiers eraus geheit?..
- Dokter : (gleichgültig) Ech hun no engem Buch gesicht....Ech...so, Lucien, firwat bleiws du net bei der Dîr stoen?
- Lucien : ( e beschen onsecher) Ech...ech hu geduecht...wann d'Tatta op émol eraus kéim... a si geséich mech do virun der Dir... wés de Monni, et ass eigentlech di geféierlechst Platz...
- Dokter : (verächtlech) Groussen Efalt do.... Also ech mengen, du gläws tatsächlech drun....

- Lucien : (wichtig) Et kann é wuel denken, Monni....Ech hätt iwregens och ké Grond....Si mecht jo nemmen dién doud, géint dién se eppes huet.... A géint mech huet se dach neischt....
- Dokter : Wés du dat dann esou bestömmt....Mei léiwe Männchen, si war guer net enchantéiert, wéis du de Mötteg hei opgetaucht bass...A fir sech denger lass ze mâchen...wärs du vleicht dén éischten, dién se geng erschéissen...
- Lucien : (erféiert) Erschéissen?.....A mat wat danr?..
- Dokter : Mat mengem Revolver....Et leit a mengem Nuetsdesch....
- Lucien : An dengem Nuetsdesch?.....An du hues e net eweg geholl?
- Dokter : Ech war iwerzégt e léig hei am Tirnng...
- Lucien : Dann hues de duerfir alles esou durchernén geheit....(spöttesch) An da sés de nach du gengs net färten....
- Dokter : Färten...hahaha....ech färten och net... nömmen...
- Lucien : Nömmen wât....Du bass denger Sach vleicht seher dass se neischt géint dech huet...du denks net un déi aner. (emmer méi opgereg) Wéi schrecklich ... Ech kann net drun denken....Si hätt nemmen Dîr breichten op ze machen... nén et ass net auszedenken... Du häss mech solle fort goe lossen....Du bass net lass derbei, wann ech erschoss gin....
- Dokter : Fänks du och elo nach un ze streiden....Du häss jo iwerhâpt net brauchen hir ze kommen... t'hât jo kén dech geruff... Lo héscht et ze kucken, wât mir kenne mâchen fir de Revolver ewech ze kréien... (Iwerdém gét Dîr op) En enner den Dösch, dién âner hanndert de Reck vun enger Fotell. D'Félicie kennt eran...)
- Félicie : Wât eng Wöldnis ass hei....A wién huet hei gehaust...(Déi zwéin kommen aus hirem Vertseck eraus) Wât gét iech zwén dann un....
- Dokter : (onsecher) Mir hun... ech hun no engem Buch gesicht...
- Félicie : An duerfir esou en Durchernén
- Lucien : Firwât sidd dir net bei der Madame bliff....
- Félicie : Ma si schléift elo... du hun ech geduecht.. mâch dech elo séier eweg, da bass du alt net sou no bei hir, wann si îren am Drâm geng em sech schloen....
- Lucien : Domat kritt se kén doud... De Revolver ass méi geféierlech....
- Félicie : (entsât) Wât....? e Revolver....Wo?
- Dokter : Am Nuetsdeschtirang....
- Félicie : Dât ass jo onerhéiert....An ech setzen elo wéivill Stonnen an Doudesgefôr...Et ass onverantwortlech...vun dir, Guy, fir mech esou enger Gefôr auszusetzen...Et ass einfach net erlâbt, én ze din, op der Kummer ze bleiwen...
- Dokter : Ma géint dech huet se dach neischt....
- Félicie : Ech trauen der Sach net....Sie war guer net frendlech, wéi ech de Mötteg koum...si wollt mech op e Stréisack léen....
- Dokter : Dât ass op alle Fall beienklech....
- Félicie : Vleicht mengt se ech géiw mer dat lo zur Gewunnecht mâchen fir Samschtes an är Weekend-häischen ze trelle. Ech wollt jo nemmen bonjour soe kommen, wié konnt ech dann derfir, dass et gerént huet, an dass ech du gefrot hun, fir kennen hei ze logéieren....
- Dokter : Du kenns ower un allerhand Klenggekéten....
- Lucien : Dât si keng Klenggekéten...Wann si gären hir Rou am Weekend-Häischen hätt, dann ass se géint all déi, déi hir déi Rou stéieren....

- Dokter : (erfêiert) Ma da wär s'um Enn och géint mech, well ech de Jang besiche gang sin... Ma jo... si sot nach. Wanns du dat ufänks, da kommen se geschwönn vun alle Seiten.... da war et den Handel fir ons Weekend-häischen unzeschaffen...
- Félicie : Iwerhâpt, an dém Zoustand wêi se elo ass, dreimôl schwâch gefall.. an iwer nervös... wés nach kén wêi et ausgét.
- Lucien : D'Sach get emmer méi domm....Well si mir drei schon des Liewens net méi secher.....  
(Iwerdém gét d'Dîr op an d'Médche kennt eran. Di drei sin op der Dot enner dem Dösch an hannert de Recker vun de Fotellen verschwonn)
- Médchen : Ass dann d'ganzt Haus op der Kopp...Här Dokter...hahaha.... wât macht dir ennert dem Dösch...Meng én dir gengt färten...Dir kennt iech berouegen. D'Madame schléift, an et sin nême méi e puer Minutten bis zwiefel...Ech mengen, si erwecht net méi virdrun.....
- Lucien : Hutt dir d'Dîr gespârt..da wære mer méi secher...
- Médchen : Wêi? Hätt ech d'Diir soll spären....
- Dokter : D'wâr op alle Fall net schlecht...
- Médchen : Ma da gin ech se nach sêr spären...(hat wöllt goen, dréint sech ower erem séier em a kennt erem) ech...ech warden ower léiwer bis zwiefel Auer...De Schlessel stecht bannen op der Dîr, a wann ech déi elo opmâchen, dann erwecht se... an well da soss kén dohir ass, wêi ech... kennt se mech nawell....
- Dokter : (ennerbrecht se) erschéissen...
- Médchen : Erschéissen... Dir didd mech lâchen, Dokter...
- Lucien : Et ass neischt do ze laachen...
- Médchen : Ma mat wât geng se mech dann erschéissen?
- Dokter : Mat mengem Revolver.... e leit am Nuetsdesch...
- Médchen : (entsât) Wât... leit äre Revolver am Nuetsdesch... an ech setzen elo eleng do ueven bei der Madame, wêi schrecklech, én eleng do ueven ze lossen.
- Félicie : Mengt der dann, wêi ech nach do war, si hätt iech net viru mir erschoss?
- Médchen : (iwerzégt) Nén...dât hätt se net gemacht...si huet jo guer neischt géint mech...Si wés jo net,...dass.....(hat hellt an Satz op)
- Dokter : Wât wés se net?
- Médchen : (onsecher) dass ech...hei ans do...eng Konservebex oder....eng Zosis mat hém huelen...
- Dokter : Sidd dir esou sêher, dass se dât net wés?
- Lucien : Si wés et ganz bestömt ... an an dém Fall, wär dir di iescht, déi erschoss géiw gin....
- Médchen : Här Gott stéi mer bei...ech, ech kann net drun denken, da schwiewen ech jo zater de Mötteg a Liewensgefôr. Ech hat jo keng Ahnung, dass e Revolver am Nuetsdesch lug...Eng Bewegung hätt se nemmen brauchen ze machen... an ech...ech wär eng Leich...ech kann net drun denken... ech...et get mer net gudd.  
(Hat setzt sech an eng Fotell a mecht d'An zou. Iwerdém gét d'Dîr op an d'Madame kennt eran. Déi drei flüchten sech séier hannerwanns anlassen d'Médchen an der Fotell setzen. Madame bleiwt e Moment an der Dîr stoen, d'Médchen dét d'Aen op, a wêi et d'Madame geseit, dét et e Krésch, sprengt op a fällt virun se op d'Knéien.)

- Médchen : (ängschtlech) Mech net...mech net...Madame, hieft Erbarmen....  
ech gin iech...alles ... erem..
- Madame : Wat ges de . erem?
- Médchen : Är Konservebexen...alles wât ech geholl hun.
- Madame : Do geseit én, esou kennt alles eraus.. War et iech lo op émol  
angscht gin?
- Dokter : (enner dem Dösch eraus zum Lucien) Huet se de Revolver an der Hand?  
Kuck emol Lucien....
- Lucien : Ech net... ech strecken net fir d'escht de Kapp eraus.
- Madame : A wuer hut der iech nemmen all verkroch.. Kommt dach roueg eraus,  
op menger Auer ass Hallefnuecht passéiert...
- Dokter : (an engems dass se alleguer matenén zum Virschéin kommen) Dann as  
jo allesGefôr eriwer....
- Madame : Ma et mengt én, dir hätt gefart...
- Félicie : Mir hu gewöss gefârt...
- Lucien : Keng Grimmel...
- Madame : Secher hud der gefârt... an da soen se nach zu mir, ech soll net  
un esou e Schwindel gläwen...
- Dokter : Ma du hues fir d'escht dru gegläwt, a wéis du dun sou sennerlech gi  
bass, du ass én un allehand Gedanken komm. Du häss jo mol kennen  
géint é vun ons eppes hun....
- Madame : A wât sollt ech da géint dech hun?
- Dokter : Ech duecht, du häss vleicht eppes dergéint, dass ech de Jang  
besiche wor..
- Madame : Dât gét jo schliesslech nemmen fir deng Rou..
- Félicie : An ech hu geduecht, du wärs vleicht béis iwer mech, dass ech ouni  
ugemellt hei era getrollt komm...
- Madame : Dat ass dach fir ze lachen.
- Lucien : Dann hues du jo och seder neischt dergéint, dass ech hei bleiwen  
.... Ech wollt jo elo éinescht fortgoen... du huet de Monni gesot:  
Op ké Fall, Lucien, ... du bleiws hei...
- Madame : Et huet kén Zweck sech iwer dech z'iergeren... du bass esou én, dén  
én zur vischter Dir eraus jét, da kennt en erem zur henne schter  
eran... îwerhâpt, ech hun géint kén eppes...
- Médchen : Hätte mir dat gewosst, dann hätte mer net brauchen ze färten...
- Dokter : Hätte mer iwerhâpt geduecht, all Kârteschléierei wär Schwindel,  
dann hätte mer alleguer e gemittleche Week-end zesumme verbruecht...

J.St.